ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 15. Juni 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Ausbreedung vun neie Corona-Fäll huet zu Lëtzebuerg däitlech ofgeholl. Leschten Dënschdeg (8. Juni) ware "just" nach 16 Persounen wéinst dem Covid-Virus hospitaliséiert, zwou dovunner op der Intensivstatioun. Trotzdeem hu sech d'Spideeler am Land zu dem Zäitpunkt nach ëmmer op der „Stuf dräi" vum nationale Kriseplang situéiert, dee jo am Ganze véier Stufen zielt.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Kann d'Madamm Minister präziséieren, firwat sech trotz de staark réckleefegen Neiinfektioune mam Corona-Virus d'Spideeler ëmmer nach op der drëtter Stuf vum aktuellen nationale Kriseplang befonnt hunn oder nach ëmmer befannen?
2. Op wéi enger Basis a vu wiem gëtt d'Decisioun geholl, op wéi enger jeeweileger Stuf vum nationale Kriseplang d'Spideeler sech befanne sollen? Kann d'Madamm Minister och méi allgemeng Prezisioune ginn, wéi eng Bedéngungen an Ëmstänn erfëllt musse sinn, fir déi jeeweileg Stuf – opgeschlësselt no deene véier Stufen - ze declenchéieren?
3. Kann d'Madamm Minister eng Tabell opstelle loossen, déi weist, wéi déi eenzel Spideeler zënter Mäerz 2020 mat COVID-Patiente beluecht waren a wéi vill dovun op der Intensivstatioun waren? Kann d'Madamm Minister parallel zu deenen Informatioune weisen, wéi eng Stuf – no dem nationale Kriseplang – wéini a fir wéi laang fir d'Spideeler a Kraaft war? Wéi war d'Korrelatioun tëschent deene statisteschen Elementer?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten